N°1496
Entrée le 05.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1496 vum 11. November 2024 vun den éierewäerten Deputéierten Hären André Bauler a Luc Emering

1. Wat sinn d'Ursaache firwat manner Fläche fir Wéngerte wäerte kënne bewirtschaft ginn?

Bei ville Betriber ass d' Reprise duerch Jonker net assuréiert. Besteeënd Betriber packen et net all déi Wéngerten ze iwwerhuelen. Des Weideren ass d'Situatioun um europäesche Wäimaart net einfach. D'Konkurrenz ass grouss an d'Präisser stinn ënner Drock.

2. Wat fir Kulture kéinten eng dauerhaft Alternativ zum Wäin duerstellen a méi liicht exploitéiert ginn?

Verschidden Uebstkulturen kéinten a Fro komme fir d' Riewen ze ersetzen, an esou och ee flott Landschaftsbild ze erhalen. Bei eisen Noperen am Rheinland Pfalz gouf esou zum Beispill probéiert, den "roter Weinbergpfirsich" als Alternativ unzebauen. Fir verschidde Betriber war dat eng intressant kleng Nischenkultur. Den Ubau vun Trüffelen op kalekhaltege Biedem gouf och schonn probéiert.

Hei muss awer ëmmer bei den eenzele Parzelle gekuckt ginn, a wéi wäit d'Uspréch vun deenen Uebstkulturen, eventuell als extensiv Kultur, un de Buedem, Waasserverfügbarkeet, Spéitfraschtgefor, Hangneigung an esou weider, erfëllt sinn.

3. Kéinten zum Beispill Olivebeem an Zäite vu Klimawandel eng valabel Alternativ duerstellen?"

Besonnesch déif Wantertemperaturen, déi op eiser Musel virkommen, féieren dozou, dass den Ubau vun Olivebeem wuel net ze empfielen ass. Laut den Erfarungen aus dem Ausland ginn et zwar Zorten, déi als méi wanterhaart gëllen, mee och bei dësen Zorte gi bei Temperature vun -15°C an drënner ausgewuessen Olivebeem ganz staark geschiedegt. Bei méi jonke Beem ginn Temperature vun -6 bis -8°C meeschtens schonn als fatal ugesinn.

Temperature vun ënnert -15°C goufen 2009 an 2012 op verschiddene Meteo-Statiounen op der Musel gemooss. Minimal Temperature vun ënnert -10°C sinn zum Beispill nach rezent an de Joren 2018 an 2022 op alle Wiederstatioune vun der ASTA op der Musel festgestallt ginn. Mam Klimawandel wäerten esou Evenementer zwar manner heefeg ginn, mee de Risiko wäert hei ze grouss bleiwen, fir an esou eng Laangzäitkultur ze investéieren.

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN